GRÉNGT BLIEDCHEN

Réimech weiderdenken

déi gréng

Juli 2019

BEONROUEGENT SITUATIOUN AM JOUSEFSHAUS

Trotz engem beonrouegendem Defizit am Hospice Civil dréckt de Schäfferot sech laanscht wichteg an iwwerfälleg Décisiounen.

LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

Am Laf vun 2017 huet sech eng éischte Kéier ugedeit, dat den Hospice Civil vu Réimech en Defizit géif erwirtschaften. Enn 2017 war bekannt, datt den Defizit 370.000 € bedréit.

2018 huet de Budget vum Hospice Civil en Defizit vun 1,7 Mio € ausgewisen. Dës Defiziter mussen, wéi vum Gesetz virgesinn, vun der Gemeng Réimech bezuelt ginn. Donieft huet den Hospice Civil nach eng Schold vun 1,1 Mio € bei der Gesondheetskeess. Och fir 2019 an di nächst Joren wäert d'Gemeng nach fir weider Defiziter bezuele mussen.

An esou enger Situatioun misst mat héchster Prioritéit no Léisungsvirschléi gesicht ginn, fir di finanziell Situatioun vum Hospice Civil ze verbesseren, fir datt d´Wuelbefanne vun de Bewunner net drënner leit an d'Aarbechtskonditioune vun de Mataarbechter sech net verschlechteren.

Effektiv läit en externen Audit vir, dee genee beschreift, wou déi finanziell Problemer vum Hospice hierkommen, mee bis haut gouf deen de Réimecher Bierger net ëffentlech zougänglech gemaach.

Wéi eng Roll spillt hei d'CSV? Schwätzt de Präsident vum Verwaltungsrot, deen eng laangzäit och Präsident vun der CSV Réimech woar, net méi mat senge Parteikollegen aus dem Schäfferot? Sinn déi zwee CSV-Schäffen an den DP-Buergermeeschter enger Meenung? Jiddefalls schwätze si am Gemengerot a Verwaltungsrot vum Hospice Civil net mat enger Stëmm. Den Dialog tëscht der Direktioun vum Hospice Civil an dem Schäfferot ass quasi inexistent. Amplaz gemeinsam Léisungen ze sichen, gëtt iwwer Artikelen an der geschriwwener Press kommunizéiert.

Hei mussen an engem konstruktiven Dialog no pragmatesche Léisunge gesicht ginn.

Als gréng Réimech schloe mir vir:

- **Transparenz :** Veröffentlechung vum Audit fir an engem openen Dialog gutt an nohalteg Léisungen ze fannen
- **En Team vun externe Mediateuren** ze nennen, fir eng Kooperatioun mat engem externe Bedreiwer unzestriewen deen d'Gestioun vum Hospice Civil iwwerhëlt. Den Hopsice Civil soll awer an der Hand vun der Réimecher Gemeng bleiwen, fir e Matsproochen- a Matbestëmmungsrecht ze hunn.

Zil muss et sinn, esou séier wéi méiglech eng Léisung ze fannen, fir datt den Hospice Civil erëm wirtschaftlech schafft, d'Zukunft vum Haus, senge Bewunner a senge Mataarbechter ofgeséchert ass a fir sécher ze stellen datt, zesumme mat der Gemeng, déi wichteg Aarbecht fir eis eeler Matbierger weider kann assuréirert ginn.

Är Gemengeconseillerë Jean-Paul Wiltz, Marianne Beissel, ären Ostdeputéierten Henri Kox - an d'ganz Ekipp vun déi gréng Réimech.

FR

GRÉNGT BLIEDCHEN

Repenser Remich

déi gréng

Juillet 2019

SITUATION FINANCIÈRE INQUIÉTANTE AU "JOUSEFSHAUS"

Malgré la situation financière très tendue à l´Hospice Civil , le collège échevinal hésite à prendre les décisions nécessaires.

CHÈRES CONCITOYENNES, CHERS CONCITOYENS,

Les premiers signes d'une situation financière critique sont apparus durant l'année 2017. Un déficit de 370.000 euros a été confirmé pour l'année 2017.

Pour l'année 2018, le budget de l'Hospice Civil affichait un déficit de 1,7 millions d'euros. Ces déficits, suivant la loi, doivent être pris en charge par la Ville de Remich. A cela s´ajoute encore une dette de 1,1 millions d´euros envers la caisse nationale de la santé. Pour 2019 ainsi que pour les prochaines années, la Ville de Remich devra assumer encore des montants importants.

Dans une situation pareille, il faudrait d'urgence prendre les mesures nécessaires pour améliorer la situation financière de l'Hospice Civil afin d'assurer que le bien être des pensionnaires soit maintenu et d'éviter toute dégradation des conditions de travail des employés.

Il existe bien un audit externe qui décrit exactement les sources des problèmes, mais malheureusement celui-ci n'a pas encore été rendu accessible aux citoyennes et citoyens.

Quelle est la position du CSV dans cette affaire? Est-ce que le président du conseil d'administration, qui était pendant de longues années également président de la section locale du CSV, ne communique plus avec ses collègues du parti qui font partie du collège échevinal ?

Est-ce que les deux échevins du CSV sont du même avis que le maire, qui lui est membre du DP ? En tout cas, dans le conseil communal et dans le conseil d'administration de l'Hospice Civil, les membres du collège échevinal ne parlent pas de la même voix. Le dialogue entre la direction de l'Hospice Civil et le collège échevinal est quasi inexistant. Au lieu de chercher en commun des solutions, la communication se fait via la presse écrite.

Il faudra, dans un dialogue constructif, chercher des solutions pragmatiques. déi gréng Réimech proposent :

- **Transparence :** publication de l'audit afin de définir dans un dialogue ouvert des solutions pérennes
- **Désigner une équipe de médiateurs externes** qui ont pour mission la mise en œuvre d'une coopération avec un prestataire externe pour la future gestion de l'Hospice Civil. Ceci sans que la Ville de Remich ne perde ses droits de parole et de décision.

L'objectif est de remettre l'Hospice Civil le plus vite possible dans une situation financière stable, afin qu'en coopération avec la commune, l'avenir des pensionnaires et des employés soit assuré.

Vos conseillers communaux Jean-Paul Wiltz et Marianne Beissel avec le député Henri Kox et toute l'équipe de « déi gréng Réimech ».

déi gréng Réimech | reimech@greng.lu

GRENG.LU